caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (19.11.2019)

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 NOV. 2019
1496

Lëtzebuerg, den 19/11/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Mam Anzuch vum Wanter maachen déi kal Temperaturen de Mënschen an der Obdachlosëgkeet alt nees schwéier ze schafen. Dofir wäert, ënnert anerem, dëst Joer ërem d'Wanteraktioun organiséiert ginn, fir de Persoune wärend de kalen Nuecht ee waarmen Ënnerdaach ze bidden. D'Dieren vun der Wanteraktioun maachen allerdéngs eréischt den 1ten Dezember op. D'Temperaturen ënnerschreiden awer oft scho virdrun de Gefréierpunkt – sou wéi zum Beispill och an dësem November schonn de Fall war.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ugesiichts vun den aktuellen Temperaturen, wäert d'Wanteraktioun 2019-2020 méi fréi seng Dieren opmaachen?
2. Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, dass d'Wanteraktioun **d'nächst Joer** méi fréi wäert ufänken a méi laang wäert oppe bleiwen? Falls nee, firwat net?
3. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Wanteraktioun och iwwert de Wanter eraus op bleiwe sollt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Luxembourg, le 16 décembre 2019

Réf. 2019/8966

Dossier suivi par :
Dominique Faber
Tél : 247 86540

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
17 DEC. 2019

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Concerne : question parlementaire n° 1496 de Monsieur le Député Marc Goergen.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire n° 1496 de Monsieur le Député Marc Goergen en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration,

Corinne CAHEN

12-14, avenue Emile Reuter
L-2420 Luxembourg

Tel. (+352) 247-86500
Fax (+352) 247-86570

Adresse postale
L-2919 Luxembourg

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
17 DEC. 2019

Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n°1496 vum Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Wanteraktioun

1)

D'Wanteraktioun 2019/2020 huet Sonndes, den 1. Dezember 2019, hier Dieren opgemaach.

2)

D'Wanteraktioun 2020/2021 fänkt am Prinzip den 1. Dezember 2020 un an hält den 31. Mäerz 2021 op. Ob d'Wanteraktioun éischter opmécht an/oder méi laang opbleift hänkt vun Wiederkonditiounen an deem Moment of.

3)

D'Wanteraktioun ass eng punktuell Aktioun, déi dofir geduecht ass, de Mënschen déi op der Strooss liewen an de keelste Méint vum Joer e waarmen Ënnerdaach ze bidde fir dat kee baussen erfréiert. Et ginn dat ganzt Joer iwwer aner Méiglechkeeten, net op der Strooss mussen ze schlofen, wéi zum Beispill d'Haltes de nuit. Dodernierwt këmmeren sech Servicer ewéi de Streetwork, de "Parachute" an de Premier Appel em déi Leit, déi keen Daach iwwer dem Kapp hunn, a probéieren zesumme mat hinnen, mat den Offices Sociaux an all de Partner eng durabel Léisung ze fannen, fir nees e Liewensprojet kennen ze entwéckelen.